

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Februar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

A ville Stéit ginn d'Elteren zu zwee schaffen a kënnen hir Aarbechtszäiten net esou organiséieren, datt si hir Kanner selwer betreie kënnen. D'Elteren hunn dann d'Méiglechkeet, hir Kanner an eng Betreuungsstruktur ze ginn. Verschiddener kënnen d'Kanner awer z. B. och vun de Grousseltere versuerge loossen.

D'Covid-Restriktiounen gesi vir, datt een net méi wéi zwou Persounen, an dann och nëmmen aus engem Stot, doheem empfänken duerf. Et ginn awer och Famillje mat méi wéi zwee Kanner, wat bei de Covid-Restriktiounen problematesch ass, wann dës z.B. vun de Grousseltere versuergt ginn, well d'Eltere sech bei der Betreuung bewosst fir hiert familiäert Ëmfeld entscheet hunn. D'Grousseltere sinn och dacks manner mobil wéi déi Generatioun dono, esou datt d'Kanner dacks bei d'Grousseltere musse bruecht ginn. Wann dat net de Fall ass, kéint sech déi Reegel vu „maximal 2 Leit aus engem Stot“ jo awer nach applizéiere loossen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Familljeminister gär folgend Froe stellen:

1. Wat fir Méiglechkeeten hunn Elteren am Kader vun de Covid-Restriktiounen, déi méi wéi zwee Kanner hunn, an dës während der Aarbechtszäit beispillsweis vun de Grousselteren a bei de Grousselteren doheem versuerge loossen, amplaz vun enger Betreuungsstruktur, grad och wann d'Eltere keng Méiglechkeet fir Teleaarbecht hunn?
2. Huet d'Regierung hei eng Aart Ausnamereegelung virgesinn? Wa jo, wat fir eng a wéini gräift dës Reegelung? Wann nee, wat maachen Elteren an deem Fall, wa si keng Méiglechkeet hunn, fir hir Kanner vun anere Leit versuergen ze loossen oder dëst aus Sécherheitsgrënn net wëllen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten